


Si mir dräisproocheg?

Jidder 'gestackte' Mëttel-Lëtzebuerg huet eng eenzeg Sprooch, an deer hie fillt, bannewänneg 'fir sech' schwätzt, dremt... Et ass déi Sprooch, déi an engem 'normale' Lëtzebuergeschen Elterehaus geléiert a geschwat gëtt; den Ausdrock 'Mammesprooch' ass an deem Sënn ze verstoen. **Haut wësse mir, datt de Puppelchen ewell banne bei der Mamm Geräicher an op d'mannst den Tounfall vun deer Sprooch matkritt, déi rondrëm geschwat gëtt...** an dat ass e ganz anere Klank wéi den däitschen a franséischen; denkt hei emol nëmmen un d'Betounug vun den Ufanks- oder Schluss-Silben aus deene Sproochen; an eiser Sprooch gëtt et do eng Mëschung. Wann et stëmmt, datt d'Kand an der Mamm hirem Bauch op Geräicher an esouguer op Musek reagéiert (Echographie!), dann hunn och déi Lauter en Afloss, déi aus engem 'haut-parleur' (Radio, TV) kommen. Dës Iwwerleeunge ginn natierlech wäit, ower si mussen beim Begrëff 'Mammesprooch' mat eragezu ginn.



vum Lex Roth

Dir wësst, wéi d'Schwätz sech bei de Kanner entwéckelt, zwar net bei jidderengem dselwecht an der Zäit wéi an der Qualitéit, ower, graff gesot: iwwer eenzel Wieder (der Rei no: Substantiven, Verben, Adjektiven, Konjunktiounen...), déi no an no 'gruppéiert' a mat Infinitiven dotétsch optrieden, wat dann zum Saz féiert. Wat sech do zesummelammelt, gëtt déi sougenannt **'Primärsprooch, no deer sech all déi 'riichten' déi eng kéier 'geléiert' ginn;** si soll esouguer am Gehier eng eege Plaz fir sech hunn... an all aner Sprooch, déi – souzesoen – 'dropgeprafft' ass, ass am Fong eng 'Eriwwer-Setzung', déi op deer 'anerer' Säit vum Kapp hir Plaz huet. Dat huet sech bei Experimenten a Japan gewisen, wou amerikanesch a japanesch Kanner 'wiesselsäiteg' op hir Primär- an ugeléiert Sprooch ënnersicht gi sinn; d'Resultat dovun ass ewell als Dossier am *'Courier de l'UNESCO'* Februar 1982 bruecht an explizéiert ginn. Haut a mar wäerte mir mat Elektronik a 'Resonanzmagnetismus', 'Gehierbiller', nach vill an e sëlliche méi genee gewuer ginn...

Firwat dann elo dat e bësse komplizéiert an drécht Geschreifs? Mä fir deem e Fong ze ginn, wat an alle Sproochen den Numm iwwer deeselwechte Leescht huet: **Mammesprooch, Muttersprache, langue maternelle, mother-tongue, madrelingua...** Domat gëtt ennerstrach, datt ee kann e puer Sproochen GEBRAUCHEN, ower jidderengem huet nëmmen eng 'Mammesprooch', an zwar déi éischt (primär), an deer hie begraff, verstan a geschwat huet!

Dat kimm dann am déiwe Sënn drop eraus, datt et **keng absolutt 'Méisproochegkeet/Polyglossie'** gëtt. Och net fir d'Lëtzebuerg! Mir léieren a GEBRAUCHEN -ee Gléck!- vill Däitsch, Franséisch, vläicht och nach Englesch, mä mir sinn net 'dräisproocheg'. Deen ee 'ka' besser Däitsch oder Franséisch, mä mir sinn am beschte Fall -sou wéi de Professor Lambert Schlechter et emol ausgedréckt huet- 'francographes', net 'francophones'... als engem vun eise prominentste Franséisch-Schreiwerte misst een him dat bal ofhuelen, oder?

Deemno **gehéiere mir och net bei d'Länner aus der purer Francophonie**, mä bei *'pays faisant usage de la langue française'*... wourop mir roueg kënnen houfreg sinn. Déiselwecht Iwwerleeung gëllt iwregens fir 'deutschsprachige Länder', esouguer wa mir eng germanesch Sprooch schwätzen... d'Hollänner jo och, an d'Englänner net vill manner.

Ceterum censeo... 48

No eisem (neien) Nationalitéitsgesetz kann een nëmme Lëtzebuerg ginn, wann een d'Sprooch vum Land schwätzt, an zwar d'*langue nationale*, esou wéi den Artikel 1 vum Sprooch(e)gesetz vun 1984 dat definéiert. No neie Bestëmmungen däerf een eis Nationalitéit elo och kréien, wa Grousseltere virun 1900 Lëtzebuergeschen waren... **Sprooch hin oder hier!**... et sief dann, et ass een op eng 'Plaz beim Staat' aus? Do 'klavéiert' dach eppes net. Entweder oder. Oder solle mir soen **'egal wat'?**

Natierlech hu mir guer näischt géint nei Lëtzebuergeschen Matbierger, mä mir sinn net glécklech iwwer dat Gewull, dat sproocheméisseg um Gebitt vun der Nationalitéit amgang ass. **En zolitte Jurist kennt iwregens dee ganze legale Kuddelmuddel op eiser 'Cour constitutionnelle' oder zu Stroossbuerg iwwer d'Kopp geheien.** Firwat? Mä well eis Constitutioun d'Lëtzebuergesch net unni kéier a Krëmmel definitiv als 'langue du Grand-Duché de Luxembourg' fixéiert oder och nëmmen ernimmt. Wourop waarde mir dann nach?

buuschteg Saachen

Mir kennen alleguer Leit, déi sech selwer net kënnen brauchen; dofir sinn se och d'meescht 'buuschteg' mat deenen aneren. Natierlech läit den Ausdrock am Wuertfeld vum däitsche 'Bürste' an ass **Famill mat 'kratzbürstig', ower en ass an der Aussprooch grad ewéi an der Bedeitung zimlech wäit ewech...** keen zu Düsseldorf versteet, wann dir sot, dat Meedche wier 'eng buuschteg Zara', wat och nach eng 'rose Louder' heescht. Wann dir behaupt, dir hätt engem *'de Buuscht noneegemaach'*, gitt dir grad esou grouss gekuckt, wéi wann dir iech driwwer iergert, datt bestëmmten Hondsrassen *'d'Buuschte goe loossen'*.

Mir hunn Dausenden deer Beispiller, ower mir sinn äis hirer net bewosst... dat ass **eng elegant Manéier, fir ze soen, et wier äis zimlech egal/eendunn.** Natierlech gëtt emmer direkt gemengt, et wier souwisou däitsch. Mä wien emmer nëmme 'mengt'...

Bokemaul?

Wou de 'Bok' hierkënt? Do wier ech frou, wann ee mir et kënt soen oder explizéieren (d'Mail-Adress steet jo hei uewen an der KLACK). **Déi allermeescht vun äis wëssen ower nach, wat e 'Bok' ass.** Et gong och nach rieds vun engem 'Bokes', enger 'Boke-maul', vläicht baussent der Fueszäit och vun engem 'Bokegesiicht', wann een net grad mat Schéinheet geplot war. Dee 'Bok', deen ower d'ganz Joer iwwer ze gesi war, haten d'Klouschter-schwëstere op... heiansdo hätt een nawell gär gewosst, wéi dës oder déi Schoul- oder Spidools-Schwëster ouni Bok ausgesinn hätt; et si bestëmmt schéi Fraen drënner gewiescht... fir anerer war de Bok déi bescht Léisung.

Haut gëtt bal nëmme méi vun enger 'Mask' geschwat, ower dat huet sech an der Zäit nëmmen op deier a schéi Gesichter bezunn; **et giff och kengem afalen, déi herrlech Konschtmaske vu Venedeg als 'Boken' ze verkafen.** Mir kruten an der Zäit fir e puer Frang e Bok aus Cartroug ze kafen... de Geroch vun deene mat Laim gepresste 'Gesichter' ass mir bis haut net aus der Nues gaang.

Bis een de Contraire beweist, schéngt et, wéi wann déi ganz Bokes-Geschicht en typesch lëtzebuergesch Gesiicht hätt. Dat wier jo och alt net schlecht, bei esou villen Ausdréck, déi onnéideg mat enger 'Bokemaul' dorëmmer geeschteren...

Rabbelen a rubbelen

Bei engem Teimer voll Ausdréck, déi mir zesoen all Dag gebrauchen, ass äis **guer net bewosst, datt si typesch EISES sinn...** nom Titel vun deem Buch, dat mir vrun e puer Joer erausginn hunn, an dat, mat sengen Dausende vu Wieder nach ëmmer fir de Präiss vun net emol enger Pizza an alle gudden Bicherbutteker ze kréien ass (iwregens och hei op eisen Adressen). Mä, gelldir, schwätzen ass eent, maachen eppes anescht... **eis Sprooch ass nun emol fir zevill Leit just e gutt Kapitel fir Humpen- a Präbbelisgesprécher.** Leider bleiwen si dann op engem eenzelen Ausdrock hänken, oder si zermeschten sech iwwer d'Schreifweis vun engem Uertschaftsnumm; eiser Sprooch, a wat aus hir gëtt, bréngt dat rosewéineg!

Eng aner Manéier: **Iwwerleet emol, wéivill Schwätzfassongen et mat eisem Verb 'rabbele' gëtt.** Wa Schrauwen un enger Saach labber sinn... da rabbelt se; eng al 'Caretta' heescht och nach eng 'Rabbelkëscht/-kar'; den Zinniklos 'rabbelt' un der Dier; wann een sech net schéckt, da 'rabbelt' et. Dir fannt bestëmmt nach Sätz, wou dat 'Gerabbel/Geräbbel' era passt. Am Däitsche gëtt et zwar 'rappeln', ower et huet näischt mat der Bedeitung am Lëtzebuergeschen ze dinn. Iwregens gitt dir och eist 'rappen' ëmsoss am Däitsche sichen.

Rubbelen? Dat huet näischt mam däitsche 'rubbeln' ze dinn; et ass also am Lëtzebuergeschen dolaanscht, och op engem Lous ze 'rubbele' fir eppes ze gewannen. 'Rubbeln' heescht am Fong 'reiben'... a wien nëmmen op engem Lous 'reift', aplaz ze 'krazen', kann ni gesinn, ob hien eppes gewonn huet oder net. D'Fransouse leie mat 'gratter' richtig. Bei äis huet 'rubbelen' zesoen ëmmer mat engem Laut ze dinn. Sicht emol selwer, da gëtt et iech klar...

fir ze schmunzen...

Frot emol zu Paräis 'des porettes' oder zu Ulm 'eine Botte Poretten'. Wann dir do näischt vu 'poireau' oder 'Lauch' wësst, da bleift de Kuerf eidel! Porette gëtt et nämlech nëmme bei äis, an eng Sectioun vum CTF (Coin de terre et du Foyer) heescht och nach esou ganz sympathesch *'Poretteclub'*, typesch!

Eng ongemiddelt Quisel gëtt och alt nach 'al Porette' genannt, ower mat 'vieille poireau(te)' oder 'alte Lauch(e)' kënt dir am Frankräich oder an Däitschland kengem op d'Féiss trëppelen. Frot och keng 'Poretten-Zapp', dat ass ëmsoss!

Knäpp?

Et ass erëm sou lues un der Zäit, fir drun ze **erënnere, datt bei äis nach kengerleekeng Planz Knospe kritt huet;** dat waren, sinn a bleiwe Knäpp! Intressant ass et och, emol drun ze denken, wat mir nach esou enner Knäpp verstinn: Wann een d'Gesicht voller Knäpp huet, da gëtt et Zäit, fir bei den Hautdokter, den Dermatolog, ze goen, dee weess, wat ee mat esou engem *knäppege* Gesiicht mécht. Iwregens hu mir nach en etlech Ausdréck fir deer Hautgeschichten: Pautschen, Eessen asw. Wéi ass et mat enger Zos, déi net richtig glat wëllt ginn? Am Däitschen huet déi doudsécher keng Knäpp! Dir gitt do iwwer och ëmsoss no enger 'Knäpperchesharmonika' sichen, an do dréckt och rar een op e Knäpp/Knäppchen, fir eppes un d'Goen ze kréien. En intressant 'Wuertfeld'.

Wa Kaartemuddereren hannerenee sinn, knäppt och een deem aneren säin Asaz of, mä do hu mir jo och den däitschen Ausdrock vun 'abknöpfen'; ower een, deen sech es gutt steet, vun deem heescht et, hien hätt Knäpp. Mä dat geet net eeriicht am Däitschen, well do vu 'Bimbes' an dees rieds ass.